

Trauerronn ëm Mënsche mat Demenz



Trauerronn ëm Mënsche mat Demenz

Dir trauert ëm e Mënsch mat Demenz? An dëser Trauerronn hutt Dir d'Méiglechkeet iwwer Är Trauer ze schwätzen an Iech mat Leit an enger änlecher Liewenssituatioun auszetauschen.

Et ass en Uert fir nozelauschteren a gehéiert ze ginn.
Mir uechte géigesäiteg op Diskretioun.

Den offene Gedanken- an Erfahrungsaustausch an dëser Ronn versicht Betreffener an hirer Trauer ze ënnerstëtzen an Impulser fir den Ëmgang mat der neier Situatioun ze ginn.

D'Trauerronn bitt sech un, wann Dir mat Ärer Trauer net eleng wëllt bleiwen.

Terminer:

Informatiounen zu den Datumen an Auerzäite fannt Dir op www.ala.lu

Leedung:

Isabelle Nieder, Assistante sociale, Systemesch Familljeberoderin

Uert:

Wunn- a Fleegeheim „Beim Goldknapp“
8, Gruefwee | L-9147 Ierpeldeng/Sauer

D'Participatioun un der Trauerronn ass gratis.

Wann Dir Froen hutt oder wëllt un der Trauerronn deelhuelen, da mell Iech gären ënnert der Nummer 26 007-1.